piratepartei
www.piratepartei.lu

How-to Piratenpad

Wat ass en Piratenpad?

Piratenpad ass en Online-Tool dat et erméiglecht, dass puer Läit gläichzäiteg un engem Text schaffe kënnen. Wanns Du am Pad bass gesäis Du live wat di aner Leit schreiwen oder geschriwwen hunn, d'Textpassagen sinn jee no Auteur mat verschiddene Faarwen hannerluecht.

Wéi genau schreiwen ech eppes an en Piratenpad?

Kuck, wou nach Verbesserunge méiglech sinn, dann iwwerleeë wats Du dozou schreiwe kanns - a schreif et einfach.

Muss ech een froen, fir eppes schreiwen ze dierfen?

Normalerweis muss Du keen ëm Erlaabnis froen. Och däerfst Du net fäerte vir einfach eppes ze schreiwen - du kanns näischt futti man. Wann iergend een grousse Feeler am Pad geschitt, kann eng al Backup-Versioun zu all Moment rëm hiergestallt ginn.

Vir wéi eng Saache gi Piratenpads benotzt?

Pads gi fir ganz vill Saache gebraucht. De Präsidium vun der Partei schafft seng Pressematdeelungen domat aus, Todo-Lëschten ginn domat aktuell gehalen an Aarbechtsgruppe koordinéieren hier Aarbecht an Pads. Et ass een ganz dynamescht Mëttel fir zesumme Brainstorming ze maachen, Ideeën zesummen ze droen an Texter auszeschaffen.

Wéi kann ech een Pad erstellen?

Dëse Link erstellt en neie Pad: *http://piratenpad.de/ep/pad/newpad* . Soll de Pad e bestëmmte Link hunn, einfach an der Adress-Leiste vun Dengem Browser den Code hannert dem *../* ersätzen; z.B. *http://piratenpad.de/NUMM_VUM_PAD*

Wou kann ech di ganz Saach eng Kéier probéiren?

Erstell en Pad (*http://piratenpad.de/ep/pad/newpad*) a fann eraus, wéi dat alles genau funktionéiert - et ass ganz einfach!

Mir freeën eis op d'Zesummenaarbecht!

Kommentaren am Pad

Kommentare solle vertéischt am Chat geschriwwe ginn. Am beschte gëtt een d'Nummer vun der Zeil vum kommentéierten Text un.
Kommentare vun iergendengem Auteur kënnen alternativ och am Text geschriwwe ginn. Si sollten dann an eckege Klamere geschriwwe ginn: *[ech fannen dat ganz richteg, mä...]*. Falls eng Reaktioun op dee Kommentar besteet sollt se, falls den urspréngleche Kommentator net grad am Chat aktiv ass, an dëser Weis derbäi gefügt ginn: *[ech fannen dat ganz richteg, mä... [fannen och dass..., mir sollten awer oppassen dass...]]*
Och wann sou Kommentaren den Text zimlech ausernee räissen ass et awer wichteg, dass se soulaang se wichteg sinn am Text selwer mat dra bleiwen, fir dass all Auteur iwwert den ugeschwatene Problem Bescheed weess. Falls d'Diskussioun elo iwwert zwou oder dräi Zeile geet, sollt den ganze Kommentar-Verlaaf duerch en Link op eng weiderféierend Diskussioun ersat ginn, z.B. den Forum: *http://forum.piratepartei.lu/*

Di Saach mat den Auteur-Faarwen

1. Faarwe vun den Auteure sollte réischt zeréck gesat ginn, wann een Deel vun engem Text een Zoustand ugeholl huet mat deem all bis dohi bedeelegen Auteur averstane sinn. Dat heescht wann zum Beispill Kommentaren all ausdiskutéiert sinn (oder dee Part op Weideres gestrach ginn ass) an d'Auteure mengen dass den Ëmfang fir deen Deel duer geet. Falls lo een bis dohin onbedeelegten Auteur seng Ännerungen am wäiß-hannerluechten Text mëscht da gesinn all di aner Auteuren dass dës Ännerungen ergänzend zu hire beschlossenen Sätz sinn.

2. Als Präventioun sollt bei der Faarfwiel eng doux Faarf geholl ginn. Falls all doux Faarw schon besat ass, sollt een Niveau drënner gewielt ginn. D'Faarf ka riets uewen nieft dem Numm agestallt ginn.

Quellen

Quelle sollten am Text duerch eng *[1, 2, 3, ...]* ersat ginn an ënnert dem Text als Link/Text agefügt ginn.

Grafiken / Biller

Grafike sollten als *< ESPACE direct-link zur Grafik ESPACE >* an den Text agefügt hin. Et gëtt leider keng Méiglechkeet am Piratenpad Grafiken direkt an ze fügen.

Beispill:
Hei en Diagramm dozou: *< http://sven.omg.lu/piraten/ideas/dashboard.jpg >*

Iwwersetzungen

Iwwersetzunge sollte jee no Ëmfang vum Text an en anere Pad ausgeluecht ginn. Di Grenz sinn ongeféier 2 Din-A4 Säiten.

Resultater vun den Aarbechten am Pad

All Resultat aus den Aarbechten am Pad muss iergendwou anescht publizéiert ginn; entweder als PDF, als PM, am Wiki (dee virun allem als Archiv gebraucht gëtt), als Infoblaat, o.ä.

Bei Froe schreif eng E-Mail un den Sven Cannivy (*sven.cannivy@piratepartei.lu*).